N°4226
Entrée le 11.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.06.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 11. Juni 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

An hirer Äntwert op eis parlamentaresch Fro n° 4000 deelt d'Madamm Ministesch mat, datt d'Gesellschaft lux-Airport eng Klo géint déi 7 Entreprisen, déi un de Renovatiounsaarbechten vun der Start- a Landebunn um Findel bedeelegt waren, deponéiert huet. Presseinformatiounen no ass bei deenen Aarbechten en "3D-Asphalteinbau" benotzt ginn, eng Methode déi bis dohinner nach ni an der Groussregioun zum Asaz komm ass.

An deem Kontext géinge mir der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

- Ass dëst Verfare säitdeem nach op anere Plazen am Land benotzt ginn?
- Wa jo, a wéi engem Zoustand sinn déi Aarbechten?

Mat déiwem Respekt

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

Yves Cruchten
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu